



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Energie an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°5496 vum 13. Januar 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup an Här Jeff Engelen iwwert "Chaudières à granulés de bois"

1. Sinn der Regierung dës schiedlech Niewewierkunge vu Pelletheizunge bekannt? Wa jo, wéi reagiert si dorop?

An dem zitéierten Artikel vun der englescher Zeitung "The Guardian" geet allgemeng rieds vun Holziewen. Bekanntlecherweis hunn awer Pelletsheizungen wesentlech méi niddereg Stëbsemissiounen ewéi bespillswails Holziewen déi mat Stéckholz bedriwwe ginn oder Holzhackschnitzelanlagen.

D'geännert groussherzoglecht Reglement vum 7. Oktober 2014 iwwert Feierungsanlagen, déi mat flëssegem oder festen Brennstoffen bedriwwen ginn an eng Leeschtung tëschent 7 kW an 1 MW hunn, mécht Virschrëften waat d'Stëbsemissiounen vun Holzheizungen ugeet. Holzheizungen, déi nom 1. Januar 2016 a Betrib geholl ginn däerfen net méi ewéi 30 mg/m³ Stëbs ausstoussen. D'Iwwerprüefungen vun den Emissiounen vun den Holzheizungen weisen, datt d'Pelletsheizungen generell vill méi niddreg Emissiounen opweisen ewéi Heizungen déi mat Holzhackschnitzel oder Stéckholz bedriwwen ginn.

Dat groussherzoglecht Reglement vum 24. Abrëll 2018 iwwert d'Emissiounen vu mëttelgrousse Feierungsanlagen (Anlage mat enger Leeschtung tëschent 1 MW a 50 MW) schreift fir de Stëbs och Grenzwäerter vir fir Anlagen, déi mat Holz bedriwwe ginn. Bei allen Anlagen, déi bis den 20. Dezember 2018 a Betrib geholl goufen, sinn dat 30 mg/m³. Bei Anlagen, déi nom 20. Dezember 2018 a Betrib geholl goufen, sinn dat 30 mg/m³ fir Anlagen mat enger Leeschtung tëschent 1 MW an 20 MW, an 20 mg/m³ fir Anlagen mat enger Leeschtung tëschent 20 MW a 50 MW.

Pellets vis-à-vis vun Holzhackschnitzel oder Stéckholz verbrenne méi kontrolléiert a propper. An deem Kontext gëtt am Kader vun de staatleche Subventiounen (PRIME House) vun 2022 un zousätzlech ee Filter fir nei Pelletheizunge virgeschriwwen, an d'Norüste vu Filtere bei bestoenden Anlage gëtt och subsidéiert.

2. Fro: Op wéi eng Manéier gouf dësen Niewewierkunge vu Pelletheizunge bei vergaangenen Installatiounen an ëffentleche Gebaier Rechnung gedroen?

D'Pelletheizungen, déi d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten an de leschte Joren installéiert huet, halen déi jeeeweils gültig gesetzlech Grenzwäerter an déi fir sou Heizungen gëllen, wou néideg, méttels Ofgasfilteranlagen.

3. Fro: Op wéi eng Manéier gëtt dësen Niewewierkunge vu Pelletheizunge bei den aktuellen Installatiounen an ëffentleche Gebaier Rechnung gedroen?

Déi aktuell an och déi zukünfteg Pelletheizungen, déi an de Projet'en vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten virgesi sinn, wäerten deenen deen Ament gültige Grenzwäerter Rechnung droen an déi dofir néideg Filtertechnik opweisen.

4. Fro: Wéi eng Quantitéit un Äschen entsteet zu Lëtzebuerg all Joers duerch den Asaz vu Pelletheizungen an ëffentleche Gebaier? Op wéi eng Manéier ginn se ëmweltgerecht entsuert?

D'Entsuergung vun den Äschen aus de Pelletheizunge ënnerläit dem Occupant vum jeeweilige Gebai a gëtt am Prinzip vu spezialiséierten Entreprises assuréiert.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung